INSTRUKTIOUNE FIR DE WIELER

Gemengewalen nom Proporz-System:

1. Gestëmmt gëtt vu mueres 8 Auer un. D'Wieler hu bis 14 Auer d'Recht fir ze stëmmen, wa se mat hirer Identitéitskaart, Pass, Openthaltserlabnes oder Openthaltskaart virstelleg ginn. Dono ass d'Wielen eriwwer.
2. De Wieler kann net méi Stëmmen ofgi wéi Mandater ze bestëmmen sinn; also däerf hien net méi wéi 19 Stëmme ginn. Hie ka jidder Kandidat eng oder zwou Stëmme ginn, ower am ganzen net méi wéi 19 Stëmmen.

   De Wieler stëmmt:

   - entweder datt hien de Krees am Haischen iwwert enger Lëscht schwäerzt oder doduerch datt hien e Kräiz (+ oder x) an dee Krees mécht, an domat jidder Kandidat vun där Lëscht eng Stëmm gëtt;
   - oder datt hien e Kräiz (+ oder x) an eent oder déi zwee vun den Haisercher hannert dem Numm vun engem oder méi Kandidate mécht, ower am ganzen net méi wéi 19 Stëmmen;
   - oder op déi zwou Manéieren zesummen, wann hien de Krees am Haischen iwwert enger Lëscht geschwäerzt huet op där manner Kandidate si wéi Conseilleren ze wiele sinn, respektiv wann hien e Kräiz (+ oder x) an de Krees iwwert esou enger Lëscht gemaach huet.

   De Wieler, deen de wäisse Krees am Haischen iwwert enger Lëscht schwäerzt op där manner Kandidate sinn ewéi Conseilleren ze wiele sinn, oder deen e Kräiz (+ oder x) an de wäisse Krees am Haischen iwwert esou enger Lëscht mécht, gëtt där Lëscht esouvill Stëmmen wéi Kandidaten op där Lëscht sinn; domat huet hie jidder Kandidat vun där Lëscht eng Stëmm ginn. Et muss een dofir extra domat rechnen, datt de Wieler jidder Kandidat héchstens zwou Stëmme gi kann, an datt hien am ganzen nëmmen esouvill Stëmme ka gi wéi Conseilleren ze wiele sinn.
3. Wann hie fäerdeg gestëmmt huet, faalt de Wieler de virgefaalte Stëmmziedel am rechte Wénkel mam Stempel no baussen; hie weist dem President den Ziedel esou a geheit en dono an d'Këscht, déi dofir virgesinn ass.
4. De Wieler däerf sech nëmmen esoulaang an der Stëmm-Cabine ophale wéi hien Zäit brauch fir säi Stëmmziedel auszefëllen fir en an d'Stëmm-Këscht ze geheien.
5. Ongülteg sinn:
   1) all aner Ziedele wéi deen, deen de Wieler vum President kritt huet fir ze stëmmen;
   2) och deen Ziedel
      a) wann de Wieler méi Stëmme ginn huet wéi Conseilleren ze wiele sinn ;
      b) wann de Wieler guer keng Stëmme ginn huet ;
      c) wann duerch en Aussträichen, en Zeechen oder eng Marque, déi net an de Bestëmmunge vum Punkt 2 vun den Instruktiounen erlaabt sinn, den Auteur kann erëmkannt ginn;
      d) wann bannendran e Pabeier oder soss eppes läit.
6. Wien wielt ouni d'Walrecht ze hunn gëtt mat enger Prisongsstrof vun 8 bis 15 Deeg an enger Geldstrof vun 251 bis 2.000 Euro bestrooft. Wien ënnert dem Numm vun engem anere Wieler stëmmt riskéiert eng Prisongsstrof vun tëschent engem Mount an engem Joer an enger Geldstrof vun 251 bis 10.000 Euro.

INSTRUCTIONS POUR L'ÉLECTEUR

Elections communales qui se font d'après le système de la représentation proportionnelle:

1. Les opérations électorales commencent à huit heures. Les électeurs sont admis à voter s'ils se présentent munis de leur carte d'identité, de leur passeport, de leur titre de séjour ou de leur carte de séjour avant quatorze heures. Ensuite le scrutin est clos.
2. L'électeur ne peut émettre plus de suffrages qu'il n'y a de mandats à pourvoir. Il ne peut donc pas émettre plus de 19 suffrages. Il peut attribuer un ou deux suffrages à chacun des candidats jusqu'à concurrence de 19 suffrages.

   L'électeur vote :

   - soit en remplissant le cercle de la case placée en tête d'une liste, soit en y inscrivant une croix (+ ou x), en attribuant ainsi un suffrage à chacun des candidats de cette liste ;
   - soit en inscrivant une croix (+ ou x) dans l'une ou dans les deux cases placées à la suite du nom d'un ou de plusieurs candidats jusqu'à concurrence du total des 19 suffrages dont il dispose ;
   - soit en procédant conjointement des deux manières s'il remplit le cercle de la case placée en tête de liste comprenant moins de candidats qu'il n'y a de conseillers à élire dans la commune ou s'il inscrit une croix (+ ou x) dans le cercle placé en tête d'une pareille liste.

   L'électeur qui remplit le cercle blanc de la case placée en tête d'une liste qui comprend moins de candidats qu'il n'y a de conseillers à élire dans la commune, ou qui inscrit une croix (+ ou x) dans le cercle blanc de la case placée en tête d'une pareille liste, attribue à cette liste un nombre de suffrages égal au nombre de candidats qui y figurent. Il aura ainsi déjà attribué un suffrage à chacun des candidats de cette liste. Il y aura par conséquent à tenir compte tout particulièrement des faits que l'électeur peut attribuer au maximum deux suffrages à chacun des candidats et qu'il dispose seulement d'un nombre de suffrages égal à celui des conseillers à élire dans la commune.

3. Après avoir terminé son vote, l'électeur montre au président son bulletin préplié à angle droit, le timbre à l'extérieur et il le dépose dans l'urne qui est destinée à la recevoir.
4. L'électeur ne peut s'arrêter dans le compartiment que pendant le temps nécessaire pour préparer son bulletin de vote en vue de son dépôt dans l'urne.
5. Sont nuls:
   1) tous les bulletins autres que celui qui a été remis à l'électeur par le président au moment du vote;
   2) ce bulletin même:
      a) si l'électeur a émis plus de suffrages qu'il n'y a de représentants à élire;
      b) si l'électeur n'a exprimé aucun suffrage;
      c) si une rature, un signe ou une marque non autorisée par les dispositions qui figurent au point 2 des instructions, peut en rendre l'auteur reconnaissable;
      d) s'il contient à l'intérieur un papier ou un objet quelconque.
6. Celui qui vote sans en avoir le droit est puni d'un emprisonnement de 8 jours à 15 jours et d'une amende de 251 à 2.000 euros. Est puni d'un emprisonnement d'un mois à un an et d'une amende de 251 à 10.000 euros celui qui vote sous le nom d'un autre électeur.

ANWEISUNGEN FÜR DEN WÄHLER

Gemeindewahlen die gemäß der Verhältniswahl stattfinden:

1. Die Wahlhandlungen beginnen um 8 Uhr. Die Wähler werden zur Wahl zugelassen, wenn sie bis 14 Uhr mit ihrem Personalausweis, ihrem Reisepass, ihrer Aufenthaltsgenehmigung oder ihrer Aufenthaltskarte erscheinen. Danach wird die Wahl geschlossen.
2. Der Wähler kann nicht mehr Stimmen abgeben als Mandate zu versehen sind. Er kann also nicht mehr als 19 Stimmen abgeben. Er kann eine oder zwei Stimmen einem jeden Kandidaten zuerteilen bis zu 19 Stimmen.

   Der Wähler drückt sein Votum aus:

   - entweder indem er den am Kopf einer Liste angebrachten Kreis ausfüllt oder dort ein Kreuz (+ oder x) einträgt, und so einem jeden der Kandidaten dieser Liste eine Stimme zuerteilt;
   - oder indem er ein Kreuz (+ oder x) in das eine oder die zwei Felder, die hinter dem Namen eines oder mehrerer Kandidaten angebracht sind, einträgt, und zwar bis zur Gesamtzahl der 19 Stimmen über die er verfügt;
   - oder indem er gleichzeitig in den beiden Weisen verfährt, wenn er den am Kopf einer Liste angebrachten Kreis ausfüllte, Liste, welche weniger Kandidaten enthält als Gemeinderäte zu wählen sind, oder in den er ein Kreuz (+ oder x) eintrug.

   Der Wähler, der den am Kopf einer Liste angebrachten Kreis ausfüllt, Liste, welche weniger Kandidaten enthält als Gemeinderäte zu wählen sind, oder dort ein Kreuz (+ oder x) einträgt, erteilt dieser Liste eine gleiche Zahl von Stimmen zu als die Zahl der dort aufgeführten Kandidaten. Auf diese Weise wird er also einem jeden der Kandidaten dieser Liste schon eine Stimme zuerteilt haben. Folglich wird ganz besonders den Tatsachen Rechnung getragen werden müssen, dass der Wähler höchstens zwei Stimmen einem jeden der Kandidaten zuerteilen kann und dass er nur über eine gleiche Zahl von Stimmen verfügt als die der zu wählenden Gemeinderäte.
3. Nachdem er sein Votum ausgedrückt hat, zeigt der Wähler dem Präsidenten seinen im rechten Winkel vorgefalteten Stimmzettel mit dem Stempel nach aussen gefalteten Zettel vor und legt denselben in die dafür bestimmte Urne.
4. Der Wähler darf nur solange in dem abgesonderten Raum verbleiben, als er Zeit braucht, um seinen Wahlzettel zwecks Hinterlegung in die Wahlurne fertigzustellen.
5. Sind ungültig:
   1) jeder andere Zettel, als derjenige, der vom Präsidenten bei der Abstimmung ausgehändigt wurde;
   2) dieser Zettel selbst:
      a) wenn der Wähler mehr Stimmen abgegeben hat, als Vertreter zu wählen sind;
      b) wenn der Wähler gar keine Stimme abgegeben hat;
      c) wenn eine Ausstreichung, ein Zeichen oder ein Merkmal, welche gemäß den Bestimmungen von Punkt 2 der Anweisungen nicht zulässig sind, den Wähler erkennbar machen kann;
      d) wenn er inwendig ein Papier oder irgendeinen Gegenstand enthält.
6. Wer wählt, ohne das Recht dazu zu haben, wird mit einer Haftstrafe von 8 bis 15 Tagen und einer Geldstrafe von 251 bis 2.000 Euro bestraft. Wer unter dem Namen eines anderen Wählers wählt, wird mit einer Freiheitsstrafe von einem Monat bis zu einem Jahr und einer Geldstrafe von 251 bis 10.000 Euro bestraft.